LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 08 JUIN 2020

**REÇU**
*Par Alff Christian , 13:03, 08/06/2020*

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: **Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et de Monsieur le Ministre des Finances à la question parlementaire n°2119 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER au sujet du budget de l'Union européenne.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°2119 du 28 avril 2020 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Premier- a Staatsminister, dem Aussen- an Europaminister an dem Finanzminister op d'parlamentaresch Fro N°2119 vum Honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

1. Wéi ass d'Regierungspositioun, wat den EU-Budget ugeet? Wéi héich wären, bei enger Verdueblung respektiv Verdräifachung vum Lëtzebuerger Bäitrag an den EU-Budget, dës Contributiounen an absolutten Zuelen?

Zënter dem Ufank vun dëse Verhandlunge setzt d'Regierung sech fir en EU-Budget an, deen de Prioritéiten déi d'EU sech am Kader vun der Strategescher Agenda 2019-2024 gesat huet, gerecht gëtt.

D'Europäesch Kommissioun huet de 27. Mee e neie méijorege Budget 2021-2027 an en Instrument mam Numm „Next Generation EU" virgeschloe fir déi europäesch Wirtschaft am Kontext vun der Corona-Kris erëm opzebauen.

D'Regierung ass elo am Gaangen dës Virschléi z'analyséieren. Den Ament, also fir den Zäitraum 2014-2020, läit de Volume vum EU Budget bei 1,14% vum Bruttonationalakommes vun de 27 Memberstaaten. Fir Lëtzebuerg bedeit dëst an der Moyenne e Brutto-Bäitrag vun 385 Milliounen Euro d'Joer.

2. Ass d'Regierung och an där neier finanzieller Situatioun, déi duerch de Corona-Virus entstanen ass, nach gewëllt, fir en Deel vun de britteschen Anzuelungen ze iwwerhuelen, déi jo ewechgefall sinn?

Doduerch datt d'Vereenegt Kinnekräich net méi Member vun der EU ass, wäerten déi finanziell Bäiträg vun allen EU Memberstaaten änneren. Hei dierf een allerdéngs net vergiessen datt de britteschen Austrëtt sech net nëmmen op d'Recetten, ma och op d'Ausgaben auswierkt. Et wäert manner an den EU Budget erakommen, mee dofir awer och manner mussen ausbezuelt ginn, well d'Vereenegt Kinnekräich net méi vun allen EU-Programmer wäert kënne profitéieren. Et ass och wichteg z'ënnersträichen, datt déi europäesch Solidaritéit grad a schwéieren Zäite wéi der Corona-Kris ëmsou méi wichteg ass. D'Regierung ass an deem Kontext bereet Verantwortung z'iwwerhuelen.

3. Wéi steet d'Regierung zur Fuerderung vum Lëtzebuerger EU-Kommissär vun enger Verdueblung bis Verdräifachung vum EU-Budget?

De Paquet vun der Kommissioun schléit e Volume vun 1.100 Milliarden Euro fir de méijorege Budget 2021-2027 a 750 Milliarden Euro fir d'Instrument „Next Generation EU" vir. Dee Virschlag muss vun allen 27 Memberstaaten a vum EU-Parlament accordéiert ginn. Et si weider Verhandlungen ze erwaarden an d'Bäiträg vun de jeeweilege Memberstaaten wäerte Géigestand vun deene Verhandlunge sinn. Ënnert den aktuellen Ëmstänn kann eng Opstockung vun eiser nationaler Contributioun an de méijoregen EU-Budget net ausgeschloss ginn.